**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. September 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister d'Madamm Ekonomieminister an d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

D'Tripartite koum zu engem prinzipiellen Accord. D'TVA soll ëm ee Prozent erofgesat ginn, fir d'Inflatioun ze bremsen an d'Betriber ze entlaaschten. Eng kuerzfristeg Ännerung vun de Präisser bréngt fir d'Betriber awer nees weider Erausfuerderungen a Käschte mat sech. D'Comptabilitéit muss groussflächeg ugepasst ginn, d'Etikette mussen ausgetosch ginn asw. Um Enn entsti fir d'Betriber also just Zousazkäschten, wärend och d'Clienten den Effekt opgrond vun der allgemenger Präisdeierecht kaum spieren.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës dréngend Fro stellen:

1) Kann d'Regierung matdeelen, wéi déi Decisioun begrënnt ass, fir an der aktueller Noutsituatioun keng méi substanziell Reduzéierung vun der TVA virzehuelen, déi et de Betriber erlaabt hätt, souwuel d' Ëmsetungskäschte vun esou enger Moossnam ze droen, wéi och eng reell Entlaaschtung un d'Cliente weider ze ginn?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire** **25, Ënneschtgaass** **L-1449 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742**